ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/04/2025

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 13 Mäerz 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Patrick EVERARD	Thierry EVERAD (entschëllegt)	
Luc ELSEN	Louis MALHERBE (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Rapport)		
Patrick KRAEMER		
Louis MEYER		
Joske VOSMANN		
Gilles WETZEL		
Carole WINTERSDORF		
Pascal WIRTZ		

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 16 Januar 2025
3. Preparatioun éischten Repair Café den 22 Mäerz
4. Divers

Helperknapp, 02/04/2025

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

9 vun 11 Memberen waren präsent.

Punkt 2 : Rapport approuvéieren

De Rapport vum 16 Januar gouf approuvéiert.

Punkt 3 : Preparatioun éischten Repair Café

D' Informatiounsversammlung den 4 Mäerz an der Koll war mat iwwer 50 Leit gutt besicht. Eise President huet d' Leit begréisst an duerno huet den Här Bossi vun "CELL/Repair Café ASBL" iwwerholl an d' Strukturen an d' Aktivitéiten vun den Repair Caféen an eisem Land präsentéiert. Hien huet een Historique gemaach an Debuten vum Repair Café erkläert. Duerno huet hien de Prozess an den Oflaf vun engem Repair Café explizéiert.

Wichteg Punkten sinn d' Organisatioun vun engem Sall mat dem néidegen Equipement. Et brauch een "Repairer" an verschidden Domainen (Elektro, Mechanik, Vëlo, Bitzen,.....), eben wat méiglech ass, dann een Empfang vun de Leit mat der Inscriptioun, ee Restauratioun an eventuell e Kanner Eck,..... Duerno brauch een och Gedold, well Reparaturen brauchen Zäit, dat hänkt oft vum Gerät of an och vun gesammelten Erfarungen.

D'Leit hunn am Uschloss nach vill Froen gestallt. Engersäits fir eventuell Repairer ze ginn, awer och iwwert d' Garantien an d' Responsabilitéiten vun engem Reparatioun Oflaf. D' Satzung vum Repair Café ass formell, et gëtt keng Garantie op der Reparatur an och net fir de Fonctionnement.

Als Conclusioun kann ee festhalen, dat d' Veranstaltung een Erfolleg war, well et hunn sech och nach iwwer 10 Leit gemellt déi sech fir de Repairer intresséieren, an déi mir elo an den Debriefing invitéieren. Den Här Bossi huet och ugekënnegt, datt zwee extern Repairer dobäi wieren.

An eiser Kommissioun Sëtzung hu mir haaptsächlech geschwat iwwert Briefing Versammlung am Virfeld, an iwwer d' Virbereedung vum Repair Café selwer.

Follgend Punkten goufen diskutéiert:

- De **Flyer** ass am Drock an gëtt ufangs der Woch ausgedeelt (Gemeng)
- Den Event ass an der Homepage annoncéiert (Gemeng)
- D' **Fichen fir d' Reparaturen** z' enregistréieren matbréngen (Carlo)
- Eventuell brauche mir ee klengen "**Fond de caisse**", eventuell vun der Gemeng oder vun eis privat. (Patrick E.)
- Eng **Kees fir eventuell Donen** vun den Clienten. (Patrick E.)
- **Gedrénks an Gebäck fir de Catering**, gratis fir d' Repairer déi jo benevole schaffen! Gebäck brénge mir mat (Luc, Patrick K., Patrick E., Louis M. A Carlo). D' Clienten mussen ee klénge Bäitrag leeschten.

- Mir stellen och d' **Kaffi Maschinn a Waasser Kocher**. (Patrick E., Carlo). **Tasen, Glieser, Telleren a Läffelsgeschier** bestelle mir bei der Gemeng. **Spullmëttel an Dicher** brénge mir mat.
- Fir all Fäll och verschiddent **elektrescht Material**, z.B. Verlängerungen asw. (alleguer)
- Gespente Suen gi verdeelt ënnert den Repairer, no Récksprooch mam Här Bossi
- Eventuell baue mir ee klénge Kanner Eck op.

Punkt 4: Divers

Et gouf iwwert den Zoustand vun de Bëscher geschwat. Muss déi ganz Holz Reschter leien bleiwen oder kann nach méi verwäert ginn?

Ausserdeem fënnt een nom Plouen dacks vill Steng op de Felder. Wéi kënne mir se op eng geziilt an nëtzlech Manéier evakuéieren? Mir musse sondéieren, wéi eng Themen besser an der Ëmweltkommissioun behandelt ginn!

Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **12 Mäi um 19h30** am Veräin's Sall. Eventuell kënne mir och d' Repairer ufanks invitéieren fir e gemeinsame Bilan ze maachen.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Conclusioun iwwert de Repair Café
3. Eis Meenung zu natierlechen Ressourcen, Wand a Sonn
4. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.